



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vun der Madamm Yuriko Backes, Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro N° 4242 vum 16. Juni 2026 vum Här Deputéierten Marc Goergen iwwer d'Recht vun de Passagéier am Kontext vum Virfall bei den CFL de 16. Mee 2026

Den honorabelen Deputéierte stellt Froen iwwer d'Recht vun de Passagéier*innen am Kontext vum Virfall bei den CFL de 16. Mee 2026.

1. Wat ass déi technesch Ursaach vum Stroumausfall, deem den 16te Mee zu Beetebuerg opgetrueden ass?

Wéi d'CFL matgedeelt huet koum de Stroumausfall duerch e Problem un der Uewerleitung zu Beetebuerg.

De Câble Porteur vun enger Queue d'Ancrage vun der Catenaire ass beschiedegt ginn, wat zu dësem Rass gefouert huet, wouduerch elektresch Kuerzschlëss entstanen sin. Dat huet d'Schutzsystemer aktivéiert wouduerch Disjoncteurs ausgeléist gi sinn an de Stroum automatesch ofgeschalt gouf.

D'Ursaach vum Defekt um Kabel war d'Feele vun enger wichteger elektrescher Verbindung, déi am Kader vun den Ëmbauaarbechten zu Beetebuerg fir den Uschloss vun der neier Eisebunnslinn Beetebuerg–Lëtzebuerg am Joer 2025 eigentlech virgesi war.

Doduerch war d'Stroum-Verdeelung net korrekt, verschidde Leitungen hate verschidde Spannung-Potentialer, doduerch sinn tëscht hinne Fonken entstanen.

Zousätzlech ass duerch e Chantier an der Sous-Station zu Bierchem d'elektresch Alimentatioun vun de Beräicher tëscht Walfer a Beetebuerg, Lëtzebuerg a Klengbetten a tëscht Lëtzebuerg a Waasserbëlleg iwwer d'Sous-Station zu Belval gelaf. D'Stroumlaascht war méi héich wéi normal wouduerch d'Verschléiss beschleunegt goufen.

Leschten Enns ass duerch d'Kombinatioun aus feelender Verbindung an héijer Belaaschtung de Kabel beschiedegt ginn, wouduerch et zum Kuerzschluss an duerno zum Stroumausfall komm ass.

2. Wéi eng konkret Moosnamen wäerten ëmgesat ginn, a bannent wéi engem Zäitraum, fir ze verhënneren, datt esou eng Stéierung sech widderhëlt?

D'Uewerleitung op der betraffener Platz ass reparéiert ginn an déi feelend Verbindung ass agebaut ginn.

Fir weider Stéierungen an der Stroumversuergung ze vermeiden, wärend nach Aarbechten un der Sous-Station vu Bierchem bis de 4. Juli 2026 amgaange waren, hunn d'CFL d'Stroumversuergung vun der Sous-Station Belval iwwer d'Phasentrennstell zu Hunchereng souwéi iwwer d'Phasentrennstell zu Leideleng ëmgeleet.

Fir esou Situatiounen an Zukunft ze vermeiden, ginn Analysen zesumme mat den interne Servicer an externe Firmen duerchgefouert. Op där Basis ginn dann gemeinsam Verbesserungsmoossname definéiert an ëmgesat.

3. Wéi eng Noutfallpläng existéieren bei esou Stéierungen a wien huet formell d'Entscheidungsgewalt, fir d'Evakuéierung vun de Passagéier, déi op fräier Streck blockéiert sinn, an esou Situatiounen ze decidéieren? Existéiert hei een Delai, wa Passagéier am Fall vun engem op fräier Streck stoende Zuch evakuéiert musse ginn a wa jo, vu wéi vill Stonnen?

Et existéiere spezifesch Noutfallpläng pro Linn an Ofhängegkeet vun der Envergure vun der Stéierung. De Gestionnaire du Trafic vun der Entreprise Ferroviaire vun den CFL huet d'Entscheidungsgewalt fir d'Evakuéierung vun de Passagéier*innen, déi op fräier Streck blockéiert sinn. Am Fall, wou een Zuch riskéiert méi wéi 30 Minutte laang op der fräier Streck blockéiert ze sinn, gi präventiv Optiounen ausgeschafft fir d'Passagéier*innen beschtméiglech un hier Destinatioun ze bréngen. Wärend dem weidere Verlaf vun der Stéierung gëtt dann déi beschte vun den ausgeschafften Optiounen ëmgesat.

4. Waren fir de 16te Mee spezifesch Moosnamen fir d'Verstäerkung vum CFL-Dispositiv geplangt a validéiert ginn, wéi zum Beispill zousätzlecht Personal, erhéicht Kapazitéiten oder d'Koordinatioun mat den Organisateur vum ING Marathon? Falls jo, wéi eng an a wéi engem Mooss konnten dës Moosnamen effektiv ëmgesat ginn an hunn se dozou bäigedroen, fir den Impakt vun der Pann ze reduzéieren?

D'Kompositiounen vun de relevanten Zich goufe fir den ING Marathon verstärkt. Op Grond vun der Stéierung huet d'Entreprise Ferroviaire vun den CFL en zousätzleche Koordinator an der Betrëbsleetzentral agesat fir op der enger Säit sécherzestellen dat de beschtméigleche Service an dëser erschwéierter Situatioun ugebuede gëtt an op der aner Säit d'Passagéier*innen gutt informéiert ginn.

5. Wéi vill Clientsreklamatiounen hunn d'CFL am Zesummenhang mat den Stéierungen vum 16te Mee 2025 registréiert?

11 Clientsreklamatioune goufen am Zesummenhang mat den Stéierungen vum 16te Mee 2026 registréiert.

6. Hunn déi betraffene Passagéier (zum Beispill an der éischter Klass) ee Recht op d'Entscheidung am Kontext vum Artikel 18 vum Règlement (CE) n°1371/2007 du Parlement européen et du Conseil du 23 octobre 2007 sur les droits et obligations des voyageurs ferroviaires?

Den ernimmte Règlement an där parlamentarescher Fro, den Artikel 18 vum Règlement (CE) n°1371/2007 du Parlement européen et du Conseil du 23 octobre 2007 sur les droits et obligations des voyageurs ferroviaires, ass net méi a Kraaft a gouf duerch de Règlement (UE) 2021/782 vum 29. Abrëll 2021 ersat.

Am Aklang mam Règlement (UE) 2021/782 vum 29. Abrëll 2021 iwwer d'Rechter an Obligatioune vun de Passagéier*innen am Eisebunnstransport (PRR) hunn d'Passagéier*innen am Fall vun enger Verspéidung vun op mannst 60 Minutten Recht op eng Entscheidung, déi als Prozentsaz vum Präis vum Beförderungsausweis berechent gëtt (25 % respektiv 50 % jee no Dauer vun der Verspéidung). Dëst Recht gëllt ouni Ënnerscheed no der Reesklass, an domat och fir Passagéier*innen an der éischter Klass.

Am nationale Kontext muss awer de Règlement grand-ducal vum 22. Mee 2023 berücksichtegt ginn, deem Derogatioune fir bestëmmte Servicer virgesäit. Fir urbain, suburbain a regional Eisebunnsverbindungen, dorënner déi meescht Servicer vun de CFL, gëllen nëmmen eenzel Bestëmmunge vum PRR, besonnesch den Artikel 18, Paragraph 3.

D'Bestëmmunge betreffend d'Entscheidung bei Verspéidungen (Artikel 18, Paragraphen 1 an 2) sinn dowéinst aktuell net obligatoresch applizéierbar fir dës Servicer.

Schliisslech ass festzehalen, datt no de geltende Beförderungsbedéngungen an am Kader vun der Gratuitéit vum öffentliche Transport, Indemnisiatiounen vun Ticketpreisser ënner 4 Euro net ausbezuelet ginn.

Lëtzebuerg, den 17. Juli 2026
Ministesch fir Mobilitéit an öffentliche
Aarbechten
(s.) Yuriko BACKES